



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5271 vum 22. November 2021 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

D'Unzuel un Vaxzevria (AstraZeneca) Impfdosissen mat engem Verfallsdatum op den 30.11.2021 läit bei ronn 13.110 Dosissen. Well dësen Impfstoff net méi an der Gonscht vun der Ëffentlechkeet ass, ass en déi lëscht Wochen och net méi verimpft ginn an d'Unzuel vun den Dosissen ass säit dem 5. November onverännert bliwwen. Säit der 37ter Kalennerwoch goufen d'Liwwerungen vun Vaxzevria iwverdeems gestoppt well d'Validitéitsdauer net méi laang genuch war fir eng zweet Dosis mat dësem Impfstoff ze garantéieren.

Wëll den Verfallsdatum fir dës Impfdosissen sou kuerzfristeg ass, ass et an dësem Fall net méi méiglech déi rechtlech Impfdosissen ze verimpfen. Doriwwer eraus leien déi néideg Donnéeën vum Produzent déi d'Qualitéit an d'Verlängerung vun der Liewensdauer vun dësen 13.110 Impfdosissen bestätegen, net vir. Dowéinstär kënnen dës Impfdosissen och net gespent ginn. Déi 131 concernéiert Flacon'en ginn dofir aus dem nationale Stock zrëckgezunn an zerstéiert.

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2021

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert